

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Konsumenteschutz weiderzeleeden.**

Am Kader vun de rezenten Zwëschefäll bei engem groussen Online-Bezuelungsservice, deen sän europäesche Sëtz zu Lëtzebuerg huet, sinn d'Sécherheetssystemer ausgefall, déi betrügerech Domiciliatiounen erausfiltere sollen. Dëst huet dozou gefouert, dass Banken europawäit Lastschrëften am Milliardeberäich gestoppt hunn. D'Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) gouf am Kader vum Digital Operational Resilience Act (DORA) iwwer dës IT-Zwëschefäll informéiert. Während d'Entreprise confirméiert huet, dass de Problem geléist gouf, weist dësen Zwëschefäll op wichteg Froer ronderëm de Konsumenteschutz an d'Informatioun vun de Clienten iwwer hir Rechter ënner dem SEPA Direct Debit Scheme hin.

Dësen Tëscheffall ënnersträicht d'Noutwendegkeet fir d'Konsumente besser iwwer hir Rechter z'informéieren, besonnesch wat d'Méiglechkeet ugeet, Domiciliatiounen ze widderrufen an am Fall vun onberechtigten Ofbuchungen Reklamatiounen ze maachen. Et ass essenziell ze garantéieren, dass d'Clientë séier an einfach Zougank zu Informatiounen a Recoursmëttel hunn, wann esou Zwëscheffäll entstinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froer stellen:

1. Wéi eng konkret Moossnamen huet d'Regierung virgesi fir ze garantéieren, dass d'Konsumente besser iwwer hir Rechter ënner dem SEPA Direct Debit Scheme informéiert ginn, besonnesch iwwer hiert Recht, autoriséiert Lastschrëften bannent 8 Wochen ze widderrufen an onberechtigt Transaktiounen bis zu 13 Méint ze reklaméieren?
2. Wéi eng Initiative gi plangt, fir d'Prozeduren ze vereinfachen, déi et de Konsumenten erlaben, méi



einfach Reklamatioune bei onberechtigten Transaktiounen ze deposéieren?

3. Wat fir Informatiouns-Kanäl ginn entwéckelt oder verstärkt fir d'Clienten direkt ze informéieren, wann esou systematesch Zwëschefäll bei Bezueldéngschter entstinn?
4. Wéi eng Roll spillt d'CSSF bei der Koordinatioun mat aneren europäeschen Autoritéite, fir sécher ze stellen, dass d'Konsumenten europawäit gläichzäiteg a kohärent informéiert ginn?
5. Ginn et Pläng fir eng national Informatiounsplattform ze schafen, déi d'Konsumenten iwver hir Rechter bei Lastschrëften-Zwëschefäll informéiert an hinnen hëlleft, séier an einfach Reklamatiounen ze maachen?
6. Wéi gëtt garantéiert, dass d'Banken zu Lëtzebuerg hir Clientë proaktiv iwver esou Zwëschefäll informéieren an hinnen erklären, wéi si hir Konte kontrolléiere kënnen?
7. Wat fir Mesurë ginn ënnerholl oder gi geplangt fir ze garantéieren, dass betroune Konsumente séier Ersatz kréien, wann et zu onberechtigten Transaktiounen komm ass?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Deputéierten

